

Bei dësem Projet gët nom Artikel 114 vun eiser Verfassung ofgestëmmt. Dat heescht och, datt mindestens 3/4 vun den Deputéierte musse present sin. De Projet muss mat enger Majoritéit vun 2/3 ugeholl gin. Et as also déi selwecht Prozedur wéi bei deem Projet dee mir elo ofgeschloss hun.

Déi Här Jean-Paul Rippinger, Jean-Pierre Klein, Jacques-Yves Henckes an d'Mme Renée Wagener hu sech bis elo op d'Riednerlëscht agedroen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet, den honorabelen Här François Biltgen.

9. Projet de révision 3923 A du paragraphe (2) de l'article 11 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. François Biltgen (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et as virdu vill driwwer geschwat gin, wéi schéin et wär, wa mir géifen eng ganz nei Verfassung schreiwen. Ech wëll jhust iwwer déi Artikel schwätzen, déi revisabel sin. Mir wäerten nach eng Kéier driwwer diskutéieren, ob et se mussen all sin oder nët.

Ech wëll jhust virdu warnen, fir ze mengen, datt et einfach wär eng ganz nei Verfassung ze schreiwen. Kuckt eleng d'Aarbecht, déi hei bei dene verschiddenen Artikel gemaacht gouf, déi Dir virgestallt kritt hut. Et hält vill Zäit, fir bei engem Artikel en Text ze fannen, deen eng politesch Majoritéit fënnt an och nach juristesche ausgeräit as. Et as méi liicht gesot, eng nei Verfassung ze schreiwen, wéi et ze maachen.

Ech mengen d'Verfassung as dat Wichtigst wat mir hun. Et soll een nët liichtfankesch mengen, datt een do nëmmen de Griffel huelen a schreiwe muss. Et as jo och wichtig, datt d'Verfassung de Wëlle vun engem groussen Deel vun engem Vollek erëmfigelt. D'Verfassung as deen Accord mat deem mir wëlle liewen, mat deem eis Institutione funktionnéieren a mat deem mir d'Rechter an d'Flichte vun de Bürger definéieren.

Op där aner Säit as et och wichtig, well mir jo mëttlerweil e Verfassungsgericht hun, datt elo e Richter do as, dee kontrolléiert ob d'Prinzipie vun der Verfassung agehal gin oder nët. Wéi schwéier et as, dem politesche Wëlle vun enger grousser Majoritéit an de juristeschen Noutwendegkete vun engem Verfassungstext Rechnung ze droen, hu mer gesinn wéi mer den Artikel 10bis redigéiert hun.

Den Artikel 10bis fanne mir haut am Artikel 11 Paragraph (2) erëm, aus deem mir en erausgeholl hun. Den Artikel 11 Paragraph (2) seet haut: "Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi; seuls ils sont admissibles aux emplois civils et militaires, sauf les exceptions qui peuvent être établies par une loi pour des cas particuliers." Deen Text, wéi en haut do läit, huet Ulass zu enger ganzer Rei vu Problemer gin.

Ech wëll an engem éischten Deel iwwer d'Rechtssituatioun vun haut schwätzen. Am zweeten Deel wëll ech iwwer de politesche Wëlle vun der Kommissioun schwätzen, wéi dee sech an deem neien Text reflektéiert deen ech lech hei virstellen. An engem drëtten Deel wëll ech iwwer déi juristesche technesch Schwiregkete schwätzen, déi de Wëlle vun der Kommissioun fond huet, bis datt si sech an engem Text ausdrécke konnt, deen och vum Staatsrot positiv aviséiert gouf. Dat war nët ganz einfach!

Den éischten Deel as d'Rechtssituatioun vun haut.

Mir gesinn also haut vir, datt nëmmen d'Lëtzebuerger kënne bei de Stat schaffe goen, et sief dann e Gesetz géif eng Léisung fir e Cas particulier fannen.

Dat Gesetz stëmme mir all Jor am Kader vum Budget. Well an all Budgetgesetz hu mir zënter enger Parti vu Joren en Artikel wou mir soen, datt déi an déi Leit do an do bei de Stat kënne schaffe goen, obwuel si d'Lëtzebuerger Nationalitéit nët hun. Dat as am Enseignement, an der Santé an an enger Rei aneren Departementer de Fall. Mir gesinn also am Budgetgesetz wou en Nët-Lëtzebuerger beim Stat schafft. Mir hu regelméisseg Poste wou mir keng Lëtzebuerger fannen. Dat as also d'Handhab, wéi mir se haut hun.

Déi geet dem europäesche Recht nët méi duer. Am europäesche Recht as ee Basisartikel - dat as den Artikel 48 vum Traité de Rome -, dee vun der "libre circulation" schwätzt, dat heescht do, wou ee géint eng Pai schaffe geet, sief dat am Privatsektor oder am öffentleche Sektor, muss ee kënne fräi circuléieren. Allerdéngs seet de Paragraph 4 vun deem selwechten Artikel, datt dat nët fir d'Administration publique zielt. Do kënnen d'Nationalstaten nach wie vor virschreiwen, datt et - an eisem Fall - Lëtzebuerger sin, déi bei d'Administration publique schaffe gin.

D'Fro, déi sech am europäesche Recht gestallt huet as déi, wat d'Administration publique eigentlech as. As dat de Statut vun der Fonction publique, oder sin dat - wéi iwwerengs och schon en Deel vun der belscher verfassungsrechtlicher Doctrine et virdu gesot huet - nëmmen déi Posten, wou ee mat der Souveraineté nationale a Verbindung kënnt an hoheitsrechtlech Befugnisser huet?

D'Cour de Justice vun der Communauté européenne huet ëmmer erëm op d'Question préjudicielle - besonnesch vun der Belsch aus, wou et ëm hir Eisebunn gaangen as - gesot, datt "Administration publique" au sens du Droit communautaire heescht, datt een hoheitsrechtlech Befugnisser muss hun. Zum Beispill kann een an deem Fall soen, datt den Direkter vun der Eisebunn e Belsch muss sin. Bei engem Weichesteller kann et och en aneren EU-Bürger sin; do muss et nët forcément e Belsch sin.

Op Grond vun där Jurisprudence huet d'Kommissioun eng Aktioun an d'Liewe geruff, andeems si gesot huet, wou Nët-EU-Bürger komme mussen. Dat si véier Sectoren: Alles wat de Secteur commercial betrëfft, wéi den Transport, d'Kommunikatioun, asw. Den zweete Secteur as d'Santé. Den drëtten Secteur as den Enseignement an dee véierte Secteur d'Recherche. Déi véier Gebidder

musse radikal fir d'Nët-EU-Biirger opgoen. Et sief dann et géif sech ëm Plazen handelen, déi mat hoheitsrechtliche Befugnisser verbonne wären.

D'Kommissioun huet dun déi eenzel Nationalstaten ugeschriwwen, fir datt si hir Gesetzzer an hir Verfassung änneren sollen. Lëtzebuerg a Griichenland hun et op dat Äusserst ukomme gelooss a sin herno vum europäesche Gerichtshaff condemnéiert gin, fir d'Gesetz ze änneren.

Lëtzebuerg huet ëmmer gesot, datt dat duerch d'Verfassung nët méiglech wär, mä dat Argument as nët ugeholl gin. Et as du gesot gin, datt mir eis Verfassung eben änneren missten, wa si géint d'EU-Recht verstéisst. Elo hu mir d'Situatioun, datt mir d'Jurisprudence vum europäesche Gerichtshaff hun, wou mir condemnéiert gi sin an eist Gesetz awer nach nët ëmgeännert gin as.

An der Praxis bréngt dat eng Rei ongemittlech Situatiounen mat sech, well eigentlech misst souwuel de Stat wéi och d'Gemenge soen, datt si nëmme Lëtzebuerger Kandidaten unhuelen, well d'Gesetz nach nët geännert as. Op där aner Säit kéint en nët-lëtzebuerger Kandidat, dee sech fir esou eng Plaz, wéi se hei an der Jurisprudence vum europäesche Gerichtshaff viséiert as, erëm eng Kéier bei den europäesche Gerichtshaff a frësch kloegoen. Et as also wichteg, datt e Gesetz kéint. Dat Gesetz as jo och des Woch um Ordre du jour.

Allerdéngs huet sech d'Fro gestallt, ob d'Verfassung muss virdru geännert gin, oder nët? D'Regierung war - och wa si virdrun d'Argument, mir hätten e verfassungsrechtliche Problem, um europäesche Gerichtshaff verteidegt huet - urspringlech der Meinung, datt d'Gesetz kéint geännert gin, obwuel d'Verfassung nach nët geännert wär, well am Gesetz jo dra steet, datt "des exceptions pour des cas particuliers" komme kéinten.

De Staatsrot huet - grad wéi mir och als Verfassungskommissioun - awer gesot, wann ee véier Secteuren allgemeng bis op e puer Ausnamen, déi mat der Souveraineté nationale ze din hun, opmécht, da kann een nët méi vu Cas particuliers schwätzen. Also muss fir d'Éischt d'Verfassung geännert gin. Mir hun also och an der Verfassungskommissioun versicht, fir deen Text ze änneren.

Ech kommen elo zum zweeten Deel vu méngen Ausféierungen, an dat as de Wëlle vun der Kommissioun, fir deen Text ze änneren. Mir wollten nët einfach eppes Blankes draschreiwén, esou wéi de Staatsrot et deelweis virgesinn hat, mä mir wollten e gewësse politesche Wëllen ausdrécken. Et war eng large Majoritéit, déi dee Wëllen hat.

De politesche Wëlle war deen, fir an eiser Verfassung festzeleeën, datt d'Fonction publique prinzipiell de Lëtzebuerger opsteet an nëmme an denen Ausnamen, déi mir definéiere sollen, den Nët-Lëtzebuerger.

Dat huet eis zum Deel beweegt, fir de ganze Paragraph (2) vum Artikel 11 eriwuer ze huelen an en eegenen Artikel 10bis ze maachen, an zwar de Prinzip, datt d'Lëtzebuerger virum Gesetz all gläich sin, gepaart mat deem, datt si prinzipiell Zougang zu der Fonction publique sol-

len hun, an d'Nët-Lëtzebuerger nëmme exceptionell. Och beim Artikel 11 hu mir laang gebraucht, ier mir en Accord politique fond hun.

Doduerch, datt mir den Artikel 10bis erausgeholl hun, kënne mir awer dese Punkt stëmmen, obwuel de Rescht vum Artikel 11 nach nët fäerdeg as, well mir den Avis vum Staatsrot nach nët kritt hun.

Mir hun ee Kapitel dat iwuer d'Rechter an d'Flichte vun de Lëtzebuerger schwätzt. Mir wollte ganz daitlech, souwuel de Gläichheetsprinzip, wéi awer och den Zougang zu der öffentlecher Fonktioun ënner deem Kapitel stoe loossen. Mir maachen do och en neien Intitulé: "Les Luxembourgeois et leurs droits", d'Lëtzebuerger an hir Rechte! Dat war déi politesch Ursaach, firwat mir den Artikel 10bis an den 11(2) aleng behandelen, deen iwuer d'Lëtzebuerger schwätzt.

D'Ausländer sin also nëmme ënner exceptionelle Bestëmmungen zougelooss. D'Gesetz definéiert ganz genee, wéi si zougelooss sin. D'Gesetz soll dat bestëmmen. Mir kréie jo spëtstens muer d'Diskussioun iwuer dat Gesetz.

Am Text selwer soe mir "non-Luxembourgeois". Mir loossen dem Gesetz d'Méiglechkeet - wann de Gesetzgeber eng Kéier iwuer déi europäesch Jurisprudence, déi sech nëmme op d'EU-Biirger bezitt, wëll erausgoen -, fir d'Fonction publique - an dene Matière wou de Gesetzgeber wëll - den Nët-EU-Biirger opzemaachen. Dat as an deem Gesetz, wat mir muer diskutieren, nët de Fall. Verfassungsrechtlech wär dat awer an Zukunft méiglech.

An engem drëtten Deel wëll ech dann iwuer déi juristesche, technesch Schwiregkete schwätzen, déi mir haten, fir iwuerhaupt zu engem Text ze kommen. Schon 1994 gouf et e Virschlag, dee vum deemolege President Georges Margue deposéiert gouf. Deen huet folgendes gesot: "Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi. Ils sont admissibles aux emplois civils et militaires. Les étrangers sont admissibles à ces emplois dans les conditions fixées par la loi."

Deemools hat de Staatsrot eng aner Meinung wéi haut. De Staatsrot huet gesot, datt dat nët gutt wär an et misst een eng aner Formulatioun huelen. Et soll een einfach schreiwén: "La loi détermine les emplois admissibles à des étrangers. Elle fixe les conditions d'admission."

Deen Text hu mir dun 1998, wéi mir ënner ménger Presidentschaft ugefaangen hun un deem Artikel ze schaffen, erëmgeholl. Mir hu geschriwwen: "La loi détermine les emplois admissibles à des étrangers. Elle fixe les conditions d'admission." Dat war jo de Virschlag vum Staatsrot.

Dun hu mir vum Staatsrot geschriwwen kritt, datt dat nët gutt wär, well wa mir dra schreiwén "La loi fixe les conditions d'admission", da géife mir verfassungsrechtlech Problemer schafen. Da musse sämtlech Konditiounen an d'Gesetz ageschriwwen gin a kënnen nët méi op Règlements grand-ducaux delegéiert gin. Dat as e Pro-

blem, dee mir elo mat eisem Verfassungsgericht erlieft hun.

Wann do steet "la loi", dann as et eng Matière réservée à la loi! Da muss de Gesetzgeber dat selwer maachen a kann dat nët méi un d'Regierung fir e Règlement grand-ducal delegéieren, sou wéi dat am allgemengen duerch den Artikel 36 virgesinn as. Dat hate mir bis elo am Land nach nët.

Wéi vill aner Leit hun ech viru méi wéi 20 Jor ugefaangen, mäin Droit beim Här Pescatore ze léieren. Ech hun deem séng "Introduction générale au Droit" misse léieren. Do stoung ëmmer eppes anescht dran.

D'Verfassungsgericht huet awer - ophauend op belsch Jurisprudencé - gesot, datt eng Matière réservée nët ka subdelegéiert gin. Mir müssen an Zukunft oppassen, wa mir dem Gesetzgeber eng Kompetenz gin: De Staatsrot sot dofir, mir sollen näischt vun de Conditions d'admission schreiwen.

De Staatsrot seet och, datt mir den Ennerscheed Lëtzebuerger/Ausländer nët maache sollen an am allgemenge schreiwe sollen "La loi détermine l'admissibilité aux emplois publics, civils et militaires". De Staatsrot huet eis also do, par rapport zu 1994, carrément lénks iwwerholl. Well mir wollten de Prinzip, datt d'Fonction publique prinzipiell fir d'Lëtzebuerger wär an nëmmen exceptionell fir d'Ausländer, draschreiwen. De Staatsrot wollt dat awer nët hun.

An allen Navetten déi mir mam Staatsrot gemaacht hun, as dee Problem ëmmer erëm zur Sprooch komm. Déi éischt Amendementer hu mir den 10. Juli 1998 gemaacht. De Staatsrot huet säin Avis complémentaire den 20. Oktober 1998 gin. Den 2. Dezember 1998 hu mir déi zweet Amendementer gemaacht, wou mir dun d'accord ware fir nët vun de Conditions d'admission ze schreiwen, mä vun de Conditions d'admission fondamentales! An dat fir sécherzestellen, datt d'Reglementer eng gewësse Latitude hun. Mir hun och proposéiert fir an eis Verfassung ze schreiwen, datt d'Postes à souveraineté nationale de Lëtzebuerger virbehale sin.

De Staatsrot huet dun a séngem zweten Avis complémentaire gesot, datt e vum Inhalt hir mat eis d'accord wär, mä juristesche technesch gesinn, géif dat eng Rei Schwiregkete schafen. Engersäits wéisst kee wat d'Conditions fondamentales wäeren. Mir hätten dann och direkt de Problem, datt mir hei e verfassungsrechtliche Contentieux géifen an d'Liewe ruffen.

Och wa mir de Prinzip: "La nationalité luxembourgeoise est requise pour les emplois publics qui comportent une participation directe ou indirecte à l'exercice de la puissance publique et aux fonctions qui ont pour objet la sauvegarde des intérêts généraux de l'Etat ou des autres entités de droit public" draschreiwen, da komme bei all Posten, deen an e Gesetz kënnt, verfassungsrechtlech **Recours** beim Verfassungsgericht, well et as jo nët **onbedéngt** einfach fir erauszefannen, wat eng "Participation indirecte à l'exercice de la puissance publique" as, respektiv wat en "Intérêt général de l'Etat" as.

Dofir sot de Staatsrot, datt mir deen Text nët an d'Verfassung schreiwe sollen. Deen Text gët dann elo tel quel an d'Gesetz selwer geschriwwen. Mir hu schlussendlech deen Text esou gemaacht, wéi Dir en elo virleien hut. No engem drëtten Avis complémentaire war de Staatsrot awer da largement mat eisem Text d'accord, och wann e prinzipiell nët mat eis d'accord as fir den Ennerscheed tëschent Lëtzebuerger an Ausländer ze maachen, wat mir awer gewëllt sin ze maachen.

Juristesche gesinn, hu mir elo en Text deen och vum Staatsrot gedroë gët.

Am éischte Paragraph steet: "Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi." Am zwete Paragraph steet: "Ils sont admissibles à tous les emplois publics, civils et militaires". Domat drécke mir d'Plénitude vum Accès vun de Lëtzebuerger beim Stat aus.

Den zwete Saz am zwete Paragraph seet: "La loi détermine l'admissibilité des non-Luxembourgeois à ces emplois". Mir iwwerloossen dann dem Gesetzgeber - an nët der Regierung - d'Kompetenz, wat fir eng Posten den Nët-Lëtzebuerger an Zukunft opstoë sollen.

Dat gesot, mengen ech, datt Dir festgestallt hut, datt et heiansdo méi einfach as sech zu engem politesche Wëllen ze fannen, wéi deen hemo och an e juristesche proppere Verfassungstext nidderschreiwen. Mir hun eis do ganz schwéier gedoen. Ech menge mir hätten awer elo hei en Text dee politesch eng ganz grouss Majoritéit fanne wäerd, an deen och juristesche keng Schwiregkete méi mécht.

Dofir wär ech och frou, wa mir zu dësem Text eng grouss verfassungsrechtlech Majoritéit an dëser Chamber fanne géifen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner an den Här Jean-Paul Rippinger agedroen. Den Här Rippinger huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch nët nach eng Kéier op d'Tenants et Aboutissants vun dëser Revisioun vun deem Artikel 11 anzegoen. De Rapporteur huet dat an allen Einzelheten hei geschildert, an ech muss soen, hien huet dat och esou hei virbruecht, wéi dat effektiv an der Kommissioun festgehale gin as.

Mir sollte just feststellen, dass d'Revisioun vun dësem Artikel eemol méi eis vu baussen eran imposéiert gët, esou wéi dat schon deemools war bei der Kreatioun vum Tribunal administratif an der Cour administrative, wat mer duerch d'Dévisioun PROCOLA imposéiert kruten. Hei kréie mer erëm duerch eng Décision judiciaire duerch d'Cour de Justice européene imposéiert, fir dësen Artikel ze änneren. Ech muss och konfirméieren, dass et nët einfach war. Mir sin d'accord mat där Faassung, wéi den aktuellen Artikel rédigiéiert as. Mir sin och d'accord mat der Technik, wéi mer virgaange sin - dat heescht, deen Arti-

kel do aus dem Artikel 11 erauszehuelen an domadder en Artikel 10bis ze maachen -, well mer ebe ganz klor wëllen zum Ausdrock bréngen, dass d'Libertés publiques sollen an engem Artikel zesummegefaasst sin, an dat hei dann eben nët méi derzou gehéiert.

Et as och wichteg a mir hun drop insistéiert, dass deen éischte Saz "tous les Luxembourgeois sont égaux devant la loi" an der Konstitutioun dra bleift a mer deen nët eraushuelen. Och wa vill Leit oft mengen, et wär nët grad esou, an et wäeren der heiansdo, déi méi "égaux" wäere wéi anerer - "qui sont plus égaux que les autres" -, dann as dat awer en enorm wichtige Prinzip, e fundamentale Prinzip, deen an eng Verfassung ganz einfach eraugehéiert.

Wat elo d'Modifikatioun ubelaangt, déi eis imposéiert gin as duerch eng europäesch Gerichtshafteit an do-duerch conditionnéiert as, dass mer dat Gesetz iwwer den Accès vun de Ressortissants communautaires als nächste Projet de loi hei votéiere sollen, si mer d'accord och mat där Verfassungsännerung, déi sech imposéiert. Ech muss och soen - wéi de Rapporteur dat ervirgehuewen huet -, dass et nët einfach war, fir en Text ze fannen a mer laang driwwer délibéréiert hun, fir dee gesamte Konsens erauszekréien.

Ech muss och soen, dass mir dorobber gehalen hun, dass nët an deen Text "les étrangers" stoë kënn, mä "les non-Luxembourgeois". Doranner ware mir eis eens. Mir hu vill Redaktiounen vun deem Text gemaacht, bis dass mer zu deem Accord fond hun, deen de Rapporteur elo genannt huet.

Ech kann lech also soen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass mer als demokratesch Fraktioun hei an der Châmber dëse Projet de révision vum Artikel 11 stëmme wäerten.

M. le Président.- Als nächste Riedner as den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech dem Président-Rapporteur fir d'éischt emol fir säin excellente Rapport félicitéieren.

Wéi et scho virdrun ugeklungen as, war et guer nët esou einfach, fir en idealen Text fir d'Ännerung vum Artikel 11 vun eiser Verfassung ze fannen. Ofgesinn dovun, dass d'Ämännerung vun der Konstitutioun ëmmer eng schwéier a laangwierig Affär as, kounn bei dësem Artikel nach derbäi, dass et sech ëm eng Affär handelt, wou et nët ëmmer einfach as, dem Bürger dobaussen d'Noutwendegkeet vun dëser Ännerung klorzemaachen.

Mir as öfters d'Fro gestallt gin, fir wat mir als klengt Lëtzebuerger Land allen EU-Bürger den Accès zur Lëtzebuerger Fonction publique mussen erméiglechen. Mir hätten der dach schon esou vill, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, a wa mer elo och géifen de Staatsdéngecht fir se opmaachen, da kéimen d'Lëtzebuerger gläich nëiers méi ënner Daach. Dës Befürchtungen sin zum Deel verständlech, mä se sin awer nët fondéiert. Eleng de Fait,

dass mer eis Konstitutioun an dës Richtung änneren, bedeit jo nach nët, dass jidderes mat egal wat fir enge Viraussetzunge bei de Lëtzebuerger Stat ka schaffe goen. Esou einfach as et nët, an esou einfach gët et och nët.

Ech wëll an dësem Kontext drop opmierksam maachen, dass mir an den neien Artikel 10bis, deen den alen Artikel 11 ersetzt, draschreiwten, dass d'Admissibilitéit vun den Nët-Lëtzebuerger bei der Fonction publique iwwer e Gesetz geregelt gët. Dat Gesetz, dat mer geschwé wäerten hei debattéieren, gesäit streng Konditionne vir, déi ee muss erfüllen, fir iwwerhaupt emol kandidéieren ze kënnen. Verschidden Domäner, déi mat der Ausübung vun der Staatsmuecht a mat der Responsabilitéit sou wéi mat der Sécherheet an de generellen Interesse vum Stat ze din hun, bleiwen zum Beispill och weiderhin exklusiv de Lëtzebuerger virbehalen. Mä dorop wäerte mer nach ze schwätze kommen, wann de Projet 4325 hei debattéiert gët.

Ech wëll hei nach eng Kéier drop hiweisen, dass Lëtzebuerg nët dat eenzeg Land an der EU as, dat op dës Wee muss goen. Den Artikel 48 vum Traité gesäit ënner anerem d'fräi Zirkulatioun vun de schaffende Leit um ganzen Territoire vun der Europäescher Unioun vir. Dat heescht konkret, dass all d'Memberlänner vun der EU hire Service public musse fir jidder Bürger vun dëser Unioun opmaachen. Sou dass also och zum Beispill Lëtzebuerger kënnen an aner EU-Länner fir dee jeweilige Stat schaffen.

Mir sin als Lëtzebuerger Land an dësem Punkt awer ëmmer eent vun de Schlusslichter gewiescht. Mir sin duerfir och scho vum europäesche Gerichtshaff verurteilt gin. Ier mer awer elo dat néidegt Gesetz hei stëmme kënnen, fir erëm mam europäesche Recht a Konformitéit ze leien, musse mer mat dësem Projet eis Konstitutioun änneren, well dës just virgesäit, dass Lëtzebuerger bei de Stat kënnen schaffe goen. Wa mer dat nämlech nët géife maachen, da wär de respektive Gesetzesprojet nët an Aklank mat der Konstitution, a mer kéinten deen deemächst nët hei stëmmen.

Ech wëll hei klor an däitlech drop hiweisen, dass et eng gutt Saach as, dass mir an eiser Konstitutioun déi néideg Viraussetzunge schafen, fir d'Ouverture vum Staatsdéngecht fir eis Matbürger aus der Europäescher Unioun ze realiséieren.

D'Hauptargument heifir dierf nët nëmmen de Fait sin, dass mer duerch den Traité vun der Europäescher Unioun, dee mir mat ënnerschriwwen hun, heizou gezwonge gin. D'Hauptargument dierf och nët dat sin, dass mer schons vum europäesche Gerichtshaff verurteilt gi sin, well mer dat nach nët gemaacht hun. D'Hauptargument läit fir mech a méng Partei doranner, dass mer voll a ganz zur Europäescher Unioun stin, an dass mer nach ëmmer zu den dreiwende Kräfte gehéiert hun, wat d'europäesch Integratioun ubelaangt. Et geet nët duer, fir schéi Rieden zum Thema ze halen, et kënn drop un, dass ee konkret Realisatiounen an dës Richtung mécht.

Ech weess, dass et dem Lëtzebuerger op där enger Säit ëmmer e bëssech schwéier fällt, fir gewësse Sou-

veränitéiten opzeggin. Als klengt Land, dat ëmmer erëm vun anere grousser Länner dominéiert gouf, as dat och normal. Op där anerer Säit muss een awer och soen, dass mer nach ëmmer e kosmopolitescht Land waren. Prozentual gesinn, wunnen a schaffen hei bei eis am Verglach mat den aneren EU-Länner bei wäitem déi meeschten Nët-Lëtzebuerger. Dës Fait huet awer nach ni zu engem gréisseren Problem zu Lëtzebuerg gefouert. Au contraire profitéiert eist Land vun dëser Situatioun an dat nët nëmmen um wirtschaftleche Plang, mä och um kulturellen an um sozialen Niveau.

D'Ännerung vum Artikel 11 vun eiser Konsituatioun an de Projet de loi 4325, dee mer och hei debattéieren, sin e weidere Schrëtt um Wee zur Integratioun vun eisen auslännesche Matbiirger an eis Gesellschaft an duerfir och e weidere Schrëtt um Wee zur europäescher Integratioun. An deem Sënn gin ech och den Accord vu ménger Fraktioun. Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den nächste Riedner as den Här Jacques-Yves Henckes. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et gesäit een, wéi d'Praxis augenblécklech an onsem Land as. Fir d'éischt gët eng Direktiv gestëmmt an ugeholl um Regierungsniveau, déi nët mat onser Verfassung iwwereneestëmmt...

M. François Biltgen (CSV), rapporteur.- Däerf ech Iech ënnerbriechen?

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Jo.

M. François Biltgen (CSV), rapporteur.- An dësem spezifesche Fall as et ebe just keng Direktiv, mä et as en Uerteel vum europäesche Gerichtshaff. An dat as e groussen Ënnerscheed.

(Interruptions)

Et handelt sech hei ëm en Artikel vum Traité, deen och vun dëser Chamber deemools adoptéiert gouf, a wou duerno eng Jurisprudenz koum vun der Cour de Justice.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wëll Iech just nure soen, dass dat Uerteel vum europäesche Gerichtshaff awer och op engem europäeschen Text baséiert, un deem se sech inspiréiert hun, well se kënne jo soss keng Saisiën hun. Et gesäit een also, dass hei Virdecisioun getraff sin, an dass mer deen Ablack an d'Obligatioun kommen, ons Konsituatioun ze änneren, soudatt ech nure bedéngt mat der Remark vum Rapporteur kann d'accord sin.

Dat as eng Situatioun, déi mer ganz oft oder ëmmer méi oft virfannen, an dofir hu mir och gefrot, dass an Zukunft soll derfir gesuergt gin, dass, ier Direktiven oder Traité vum der Regierung acceptéiert gin, deen Ablack d'Acceptanz vun der zoustänneger Kommissioun an der Chamber am Virfeld gefrot gët, an dass gekuckt gët, ob d'Konsituatioun am Virfeld adaptéiert gët oder nët. Dat hei as eng Décisioun, déi mer schons ganz oft hei virbruecht hun an déi och juristesche absolut richteg as.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Elo verstinn ech, fir wat dass den Här Henckes e Referendum wëllt!

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här Rippinger, ech gesinn, dass d'demokratesch Fraktioun ëmmer Referende freet, mä deen Ablack, wou et heescht se ze realiséieren, dann zitt se Waasser!

De Problem, dee mer augenblécklech virleien hun, as also deen, dass mer an enger juristescher Situatioun sin, wou mer mussen ons national Gesetzgebungen um Niveau vun der Konsituatioun an och um Niveau vun de Fonctionnaires änneren.

Et muss een och festhalen, dass dës Regierung ëmmer méi Souveränitätsrechter ofgët, an dass ee sech herno muss d'Fro stellen, awéiwäit mer iwwerhaupt nach mussen vill Gesetzer an eis Konsituatioun änneren, wann et esou weidergeet. Dat as eng ganz bedenklech Entwécklung, där mer elo entgéint gin, a wou de Public, de Biirger dobaussen eréischt vill méi spéit wäerd muerken, wat geschitt as.

Mir kënne mat där Aart a Weis, wéi d'Regierung hei virgaangen as an dat Ganz evoluéiert huet, prinzipiell nët d'accord sin, mä mir mussen awer mat de juristesche Realitéiten, wéi se elo bestin, liewen. Et muss een och soen, dass d'Regierung am Virfeld vun dëser Debatt, déi mer elo kréie bei der Verfassungsrevisioun wéi och bei dem Gesetzesprojet, wou mer d'Fonction publique opmaache fir Nët-Lëtzebuerger, scho verschidde Situations de fait geschaf huet. Mir sin als ADR ëmmer derfir age-tratt, dass sollt an der Verfassung an och an de Gesetzer klor gesot gin, wat d'Souveränitätsrechter sin, wou d'Souveraineté nationale sech ausdréckt, an dass een also nure par exception Nët-Lëtzebuerger sollt zur Fonction publique zouloossen.

Mir hun awer gemierkt, dass zum Beispill ee Souveränitätsrecht - dat vun der Zentralbank - an aneren EU-Länner e ganz héije Wäert huet. Do as et esou, dass déi Leit, déi do agestellt gin, mussen d'Nationalitéit vun deem Land hun. Bei ons as gesot gin, dass dat nët onbedéngt misst de Fall sin, an dass bei der Lëtzebuerger Zentralbank, déi en Deel as vun der europäescher Zentralbank, déi wichteg Fonktione misst vu Lëtzebuerger besat sin. Wann een dann d'Praxis kuckt, da gesäit een, dass bei den Ausschreiwungen, déi fir verschidde Poste gemaacht gi sin, de Poste vum Portier als ee vun den essentielle Posten ugesinn as, wou d'Lëtzebuerger Nationalitéit gefrot as. Par contre as fir de Responsable vum Budget, wat ee vun den wichtigste Posten as an der Lëtzebuerger Zentralbank, déi Condition de nationalité nët gefrot. Do muss ech mech froen, wou do d'Logik as.

(Interruptions)

Ech mengen, et wir gutt, wann dës Regierung endlech géif soen, wou si Souveränitätsrechter gesäit a wou nët, an dass mir an der Chamber eis kéinten doriwwer ausdrécken.

Ech mengen, dass mer op deem Wee, dee mer elo ugin, fir ëmmer duerch Gesetzer, duerch Situations de fait an duerch schlecht Négociatiounen, déi dës Regierung um europäeschen Niveau gemaacht huet, ëmmer méi Souveränitätsrechter ofzetrieden, an dass eng diffus Situatioun entsteet, wat mir als Lëtzebuerger dann nach kënne maa-

chen, a wou mer nuren als Lëtzebuerger eleng kënnen decidéieren, an do wou mer ëmmer europäesche Reglementatiounen leien. Déi Situatioun gëtt hei am Land ëmmer méi diffus.

Wat den Text ugeet, esou fënt en, esou wéi en elo virläit, ons Zoustëmmung. De Rapporteur, an ech wëll e félicitéieren fir säi Rapport, huet eendäiteg dee ganz juristesche technesche Volet ervirgestrach, a wéi et zu deem Text komm as. Mir kënnen mat dem Text d'accord sin, wäerten awer nach vläicht e bësse méi kritisches Bemierkung zu dem Projet de loi maachen, wa mer en debattéieren.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Deen Débat, dee mir haut féieren, as d'Resultat, eiser Meinung no, vun enger laanger mä och oft ganz penibler Auseenansetzung mat der Fro, wien dem Lëtzebuerger Stat däarf dengen a wien nët. Oder méi negativ ausgedréckt, wien an de Genoss vun dene Privilegier ka kommen, der mat enger Staatsbeamteplaz verbounne sin, a wien nët.

Och haut scho schaffen eng ganz Rei vu Persounen mat nët-lëtzebuerger Pass beim Stat - e frappant Beispill sin d'Fraë beim Botzpersonal -, ouni datt dat ganz vill Leit géif stéieren. Si schénge weder eng Geför fir d'Staatssecherheet duerstellen, nach zur Zersetzung vun der kollektiver Staatsbeamtenidentitéit bäizedroen.

Derniewent schaffen och vläicht méi vereenzelt auslännesch Persounen op spezifesch Posten - oft ëmmer Kontrakthasis oder als Employés privés -, fir de Lëtzebuerger Stat, fir eng manner gutt Pai natierlech wéi hir Kolleginnen a Kollege Fonctionnaires.

Wa sech déi Differenzéierung tëscht "employé" a "fonctionnaire" vläicht an enger Rei vu Fäll rechtfertegt, dann as et awer evident, datt vum Point de vue vum Zougank zum Aarbechtsmaart d'Chancegläichheet fir nët-lëtzebuerger Persounen hei nët garantéiert as.

Viru méi wéi 200 Jor huet déi revolutionär franséisch Verfassung festgehalen: "... tous les citoyens sont admissibles aux places et emplois, sans autre distinction que celle des vertus et des talents." Esou kenne mer et och an engem vun de virleienden Avien noliessen.

En halleft Jorhonnert méi spët, wéi och Lëtzebuerg sech eng fräiheetlech Verfassung sollt gin, gouf dës revolutionäre Prinzip bei eis allerdings nët applizéiert, mä et gouf no belschem Beispill festgehalen: "Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi; seuls ils sont admissibles aux emplois civils et militaires, sauf les exceptions qui peuvent être établies par une loi pour des cas particuliers."

Viscéiert waren deemools virun allem de Lëtzebuerger Arméikontingent, an deem auslännesch Zaldoten dra waren, oft hollännesch Offizier, déi anscheinend a méi grousser Zuel do waren.

Iwwregens waren auslännesch Leit guer nët déi eenzeg, déi hei ausgegrenzt gi sin aus dem Staatsberäich, mä

och d'Fraen hunn erëischt zënter hirer politescher Gläichstellung 1919, an och dun nët ouni vill Gedeesems, kënnen Staatsbeamten gin. Ech erënnere nëmmen drun, datt et nach nët esou laang hier as, datt een als bestuete Fra beim Stat näischt verluer hat.

Wa mir eis 150 Jor no sénger Afëierung erëm eng Kéier mat deem heite Verfassungsartikel iwwer den Accès zu Staatsposten befaassen, dann as et leider nët, fir eenzeg an eleng d'Tugenden an d'Talenter als Kritären zouzeloossen, mä et sollen ëmmerhin eng Rei vun dene Barriären opgehuewe gin, déi auslännesch Persounen den Zougank zu de Staatsdéngechter verwieren.

Leider as et och nët esou, datt dës Ännerungen aus der fräier Asicht vum Gesetzgeber eraus géife proposéiert gin, mä mir hunn eis zënter enger Rei vu Jore vun enger EU-Kommissioun fléiwe gelooss, an esouguer mat Geldstrofen ëmmer Drock setze gelooss, ier mer dës wichtige Schrëtt dann elo endlech maachen.

Lëtzebuerg as niewent Griichenland mëttlerweil dat eenzeg Land vun der Europäescher Unioun, dat sénger Verflechtung no enger Öffnung vun de Staatsdéngechter fir auslännesch Arbeitnehmer an Arbeitnehmerinnen nach nët nokomm as. Verdäitlecht huet Lëtzebuerg séng offendend Haltung an dene leschte Jore scho méi wéi eng Kéier.

Nodeems d'EU-Kommissioun 1988 schon en Aktionsplang fir d'Öffnung vun de Staatsverwaltungen gestart hat, gouf ëmmer anerem géint Lëtzebuerg eng Ennerloosungsklo gefouert, an 1996 huet den europäesche Gerichtshaff Lëtzebuerg veruerteelt, datt et sénge gemeinschaftleche Verflechtungen nët nokomm wär.

Während dës Prozedure schon ugelaft sin, déi Lëtzebuerg dann och zu Strofzuelunge këinten zwéngen, huet sech d'Regierung 1997, also relativ spët, endlech bequemt, fir e Gesetzesprojet virzeleeën, dee sech da mat der Öffnung vun de Staatsdéngechter sollt befaassen. An nodeems datt de Staatsrot drop higewisen huet, datt fir esou e Schrëtt och eng Verfassungsännerung néideg wär, huet sech erëischt déi zoustänneg Kommissioun mat där Matière befaasst.

Hei gouf extrem vill Zäit dermat verbruecht, un Textverschlei ze bastelen, déi deem Usproch sollt gerecht gi vun der EU-Kommissioun - minimal gerecht gin, soen ech -, an déi awer verhënnere sollten, datt mer géifen an de Verdacht geroden, zevill grousszügeg déi staatlech Aarbechtsplaze fir Persounen ouni Lëtzebuerger Pass zougängeg ze maachen.

Nodeems eng Rei vun Textpropositiounen um Dësch longen, déi vum Staatsrot entweder verworf oder ëmgeännert goufen, as dobäi en Text erauskomm, dee ganz wéineg eigentlech vun deem vun 1848 ofwäicht. Ech wëilt en nach eng Kéier zitieren:

"Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi. Ils sont admissibles à tous les emplois publics, civils et militaires: la loi détermine l'admissibilité des non-Luxembourgeois à ces emplois."

Mat dëser Neifaassung, an ech mengen, dat héiert ee scho beim Liesen eraus, huet sech Lëtzebuerg an Ulenung u Frankräich, fir déi restriktivst Variant decidéiert. Während an der Verfassung weiderhin den Zougank fir nët-lëtzebuerger Persounen als Ofwäichung vun der Regel gewäert gët, gin dann an deem komplementäre Gesetzesprojet, dee muer um Ordre du jour steet, an zu deem mäi Kolleg François Bausch wäerd Stellung huelen, déi Beräicher opgezielt, wou eng Nationalitéitskonditioun nët gestallt gët.

Domat gin nët nëmmen all déi Beräicher als sensibel a bezuch op national Souveränitéitsausübung agestuift, déi dann näischt mat Bildung, Gesondheet an nach enger Rei vun anere Beräicher ze din hun, mä et gët gläichzäiteg am Gesetzestext eng Trennung tëschent EU- an Nët-EU-Biirgerinnen a -Biirger gemaacht, well déi weiderhi wäerte vollstänneg aus de Staatsdéngechter ausgeschloss bleiwen.

An dat as nët déi eenzeg Konsequenz, mä et gët och um Niveau vun der Symbolik klor gesot, dass de Privileg vun der Lëtzebuerger Nationalitéit weiderhin d'Norm wäerd bleiwen, an nët d'Gläichheet vun alle Biirger.

Ech mengen, dass dat en äusserst wichtige Punkt as, och wann et "nëmmen" ëm Symbolik geet, mä mir gin hei ganz klor vun där Konditioun aus, dass ee Lëtzebuerger muss sin, an da brénge mer eng Exceptioun, amplaz dass mer och hätte kéinten ëmgedréint virgoen a gesot hätten: Am Prinzip huet jidferen Zougank, et gët awer Exceptiounen.

De Konflikt, deen hannert all dësen historeschen an aktuellen Ausklammerungen a Restriktiounen stécht, déi ech elo opgezielt hun, as niewent deem vum konkreten Emsetze vu Gläichheetsuspréich natierlech och dee vun engem Staatsbeamtestatus, deen ëmmer manner mat der Lëtzebuerger Realitéit ze din huet, an deen am Kader vun enger reeller Verwaltungsreform, op déi mer nach ëmmer waarden, och misst revisabel gin.

Spannend wäerd et iwwregens trotzdeem gin, ze verfollegen, wéi dann elo an der Praxis tëschent dene Beräicher wäerd ënnerscheed gin, wou d'Souveränitéit touchéiert as a wou nët. Am Moment gët et scho Beispiller fir Inkohärenz, ënner anerem um Niveau vun de Gemen-gen. Ech ka mer och virstellen, dass verschidde Verwaltungen oder Ministère sech a verschidde Richtunge bewegen. Jidferfalls wäerd et nët einfach gin, fir do eng Harmoniséierung hierzustellen.

Ech kéim nach eng Kéier zrëck op de Staatsrot. Deen hat nämlech, amplaz vun där restriktiver Approche vun der Parlamentskommissioun, ëmmer ëmmer méi eng positiv Textphilosophie virgeschloen. Amplaz vun enger Opposition tëschent lëtzebuergeschen an nët-lëtzebuer-gesche Staatsmembre sollt um Niveau vun der Verfassung jhust nëmme festgehalé gin: "La loi détermine l'admissibilité aux emplois publics, civils et militaires." Dat heescht, et sollt guer nët vun der Nationalitéit geschwat gin. Dat wär, eiser Meinung no, eng excellent Léisung gewiescht, déi och vun der Symbolik, awer nët nëmmen op deem Niveau, eng vill besser Léisung gewiescht wär, mä déi jidferfalls all d'Biirgerinnen an d'Biirger vun dësem

Land mat abezun hätt, a keng Ennerscheder a priori gemaacht hätt.

Dëse Wee wollt awer d'parlamentaresch Kommissioun nët goen, op Drock – wéll ech hei behaupten –, vun der DP, déi an dëser Verfassungsfro als Mehrheitsbeschafferin sollt dëngen, mä awer sécherlech och vun Deler vun der CSV.

Mir hun dofir elo eng Verfassungsännerung virleien, déi den absolute Minimum beinhalt vun deem, wat an där heite Matière dra gewiescht wär. Dat an iwwregens och déi penibel Prozedur sin nët nëmmen en negatiivt Symbol fir d'auslännesch Bevölkerung, déi zu Lëtzebuerg wunnt, schafft a versicht sech ze integréieren, mä et as och en Aarmuttszeugnis fir e Land, dass bei der europäescher Harmoniséierung soss ëmmer wéllt d'Nues vir hun.

Dir wäert verstoen, Här President, dass mir kee Versteedsdemes fir esou eng konservativ Approche a Saache Gläichstellung vun der auslännescher Populatioun hun, an dass mir als Gréng deem Ideal vu Gläichheet, dass Bestanddeel vun all Demokratie as, gäre méi wäit entgéintkomm wäeren.

(Interruption)

Ech weess nët, wat déi do Remarque soll. Ech hu selwer laang Jore beim Stat geschafft, an ech hätt absolut kee Problem gehat, wann do Leit gewiescht wäeren mat engem Pass vun enger anerer Nationalitéit. Ech sin e bessen iwwerrascht, dass ech elo hei esou Remarque gemaacht kréien.

Här President, Dir wäert verstoen, dass mer eis beim Vote wäerten enthalen. Ech mengen, dass as elo ganz klor gin, nët well mer géint d'Integratioun vun der auslännescher Bevölkerung wäeren, mä selbstverständlech well mer derfir sin, a well eis deen Text hei zevill timide an zevill restriktiv as.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen (CSV), rapporteur.- Här President.

Et as sécher, dass déi franséisch Texter méi wäit wéi déi Lëtzebuerger gin. Ech sin awer iwwerzeegt, dass hei zu Lëtzebuerg elo schon an der Praxis d'Nët-Lëtzebuerger ee méi liichten Accès zum Staatsdéngecht hun ewéi d'Nët-Fransousen.

M. le Président.- D'Diskussioun as elo ofgeschloss a mir maachen d'Lecture vum Projet de révision 3923 A. De Vote gët muer gemaacht.

Lecture du texte du projet de révision (par M. Jean Spautz)

De Paragraph (2) vum Artikel 11 vun der Konstitutioun as gelies an ugeholl.

Den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour gesäit d'Diskussioun vir vum Projet de loi 4325.

Et hu sech schon ageschriwwen: déi Hären Henri Grethen, Jean-Pierre Klein, François Bausch a Jacques-Yves Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Alphonse Theis.

10. Projet de loi 4325 concernant l'accès de ressortissants communautaires à la Fonction publique luxembourgeoise

Rapport de la Commission de la Fonction publique

M. Alphonse Theis (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Projet de loi 4325 concernant l'accès de ressortissants communautaires à la Fonction publique luxembourgeoise, dee mer elo haut hei diskutéieren, regelt den Zougank vun de Bürger aus der europäescher Gemeinschaft a verschiddene Secteure vun der Lëtzebuerger Fonction publique.

Ier ech méi am Detail op den Inhalt vun dëser Gesetzesvirlog ze schwätze kommen, erlaabt mer, fir d'ëischt d'Entstehungsgeschicht vum virleiende Projet ënnert d'Lupp ze huelen.

Am Artikel 48 vun de réimesche Verträge gouf festgehalen, datt en EU-Bürger d'Recht huet, an all Land vun der EU kënnen ze schaffen. Dat heescht, datt keen EU-Bürger op Grond vu senger Nationalitéit an engem anere Land därer diskriminéiert sin. Dëse Prinzip gëlt fir d'Aarbechtsplaz selwer, fir d'Rémunération an och fir d'Aarbechtskonditiounen am allgemengen.

Den Artikel 48 kennt awer eng grouss Ausnam. Hien huet sech nët op d'Aarbechtsplazen am öffentleche Secteur bezun. Den Artikel 48 Paragraph 4 seet nämlech: "Les dispositions du présent article ne sont pas applicables aux emplois dans l'administration publique." Am Laf vun der Zäit a mat dem Weiderdreiwe vun der europäescher Integratioun as den absolute Charakter vum Paragraph 4 awer ëmmer méi a Fro gestallt gin, an dat besonnesch duerch den europäesche Geriichtshaff an d'europäesch Kommissioun.

1974 huet den europäesche Geriichtshaff an engem Arrêt decidéiert, datt op Grond vun deem fundamentale Charakter vun de Prinzipie vun der libre circulation an der Gläichbehandlung vun den Aarbechter an der Communautéit, d'Dérogatioun am Artikel 48 nët iwwer dat craus ka goen, wat d'Zil vun dësem Paragraph war, nämlech d'Wahrung vun den Interesse vun den enzelne Länner, andeem se den Zougank zu verschiddenen Aktivitéite beim Stat ka limitéieren. De Geriichtshaff huet also keng textuell Interpretatioun vun där am Artikel 48 ageschriwwener Dérogatioun gemaacht, mä gekuckt, wat d'Auteurs vun de réimesche Verträge mat dëser Ausnam wollte bezwecken.

Dës Interpretatioun as vun der Cour an aneren Arrête confirméiert a preziséiert gin. Sou och an engem Arrêt vum 2. Juli 1996 an deem Lëtzebuerg verurteilt gin as, well et nët bis dato verschidde Secteure vum öffentlechen Déngscht fir EU-Bürger opgemaacht hat.

Nieft den Aarbechte vum europäesche Geriichtshaff huet d'Kommissioun vun 1988 un eng systematesch Ak-

tioun an d'Weër geleet, op Grond vun der Feststellung, datt a verschiddenen europäesche Länner eng grouss Zuel vun Aarbechtsplazen am öffentlechen Déngscht kee Rapport hate mat der Ausübung vun Hoheitsrechter an der Erhaltung vun de staatlechen Interessen. D'Kommissioun huet dann och d'Länner opgefuerdert, eng Rei vun de Beräicher an der Fonction publique fir EU-Bürger opzemaachen. Ech kommen herno nach op dës Beräicher ze schwätzen.

Dës Opfuerderung betrëfft nët nëmmen de Stat, mä de ganzen öffentlechen Déngscht, dat heescht och d'Gemeengen an all öffentlech-rechtlech Institutiounen. Et sief awer och gesot, datt d'Kommissioun eng Rei vun Domänen identifizéiert huet, wou no hirer Meinung de Prinzip vun der libre circulation nët ka spillen. Dat si besonnesch d'Armée, d'Forces de l'ordre, d'Magistratur, d'Steieradministratiounen an d'Diplomatie. Et versteet sech vum selwen, datt an dës Beräicher och zu Lëtzebuerg an Zukunft nëmme Lëtzebuerger därer schaffen.

Zréck zum Arrêt vum 2. Juli 1996. D'Cour huet hei festgehalen, datt bei den Aarbechtsplazen, déi ënnert d'Dérogatioun vum Artikel 48 falen, misst iwwerpréift gin, ob se charakteristesche si fir déi spezifesch Aktivitéite vun der öffentlecher Verwaltung andeem d'öffentlech Verwaltung Hoheitsrechter ausübt a responsabel fir d'Erhaltung vun de staatlechen Interessen as. An dësem Zesummenhank misst besonnesch d'Natur vun den Aufgaben an de Responsabilitéiten, déi eng Aarbechtsplaz beinhalt, berücksichtegt gin. D'Cour huet och eng Rei vun Domänen an der öffentlecher Verwaltung opgezielt, déi missten accessibel si fir d'EU-Bürger.

An dësem Kontext as et wichteg ze wëssen, wat d'Portée vum europäesche Recht am nationale Recht as. De Geriichtshaff huet an enger Rei vun Arrête klor festgehalen, datt europäesch Normen eng absolut Primautéit op intern Norme vun engem Memberstat hun. Dat heescht an anere Wieder, datt dat intern Recht, dat a Kontradiktioun mam europäesche Recht as, nët méi gëlt an europäescht Recht muss ugewannt gin. Dëse Prinzip as och vun de Lëtzebuerger Geriichter iwwerholl gin.

Domat sin d'Dispositionen an der Lëtzebuerger Gesetzgebung, déi virgesinn, datt öffentlech Verwaltungen de Lëtzebuerger reservéiert sin, säit 1996 nët méi rechtskräfteg. Dat selwecht gëlt fir den Artikel 11 Paragraph 2 vun eiser Verfassung, dee mer jo elo virun en etleche Minuten hei diskutéiert hun an dee mer och stëmme wäerten.

Déi praktesch Konsequenze vum Arrêt vum 1996 waren dann och klor. Quitte datt eis Gesetzgebung nach nët ofgeännert as, war de Lëtzebuerger Stat obligéiert vun 1996 un, EU-Bürger zu de Concourer an der Fonction publique zouzeloossen, do wou den europäesche Geriichtshaff dat gefuerdert huet. Dat as dann och geschitt. Dat heescht also, datt mam Gesetz vun haut eng schons existéierend Situatioun an der Lëtzebuerger Gesetzgebung festgeschriwwen gëtt. Wa mir also och nët d'accord gewiescht wäer mat der Décisioun vum europäesche Geriichtshaff, da wäeren eis awer d'Hänn gebonne gewiescht.